

150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuurger Land

4. Deel : vun 1920 bis 1940

An deenen zwanzeger Joeren huet Lëtzebuerg ee wirtschaftlechen Opschwonk erliewt wéi ni virdrun.

Duerch déi glëcklech Politik vum deemolegen Arbedsdirekter Emile Mayrisch as d'Arbed ee groussen internationale Konzern gin an huet domat dat klengt Lëtzebuerg an de Krees vun deene gréisste Stolproduzente vun der Welt bruecht. Schon 1921 hat d'Arbed a Brasilien "d'Companhia Siderurgica Belgo-Mineira" gegrënnt, déi vu lëtzebuurger Ingenieuren, Techniker an Handwierker opgebaut gouf .

Ma awer och an der Nokrichspolitik teschent Frankräich an Däitschland huet den Emile Mayrisch eng grouss Roll gespillt. Besonnesch um Stol- an um Kuelesektor as tèschent Frankräich an Däitschland ee "kale Krich" ausgebrach, esou datt Frankräich 1923 d'Ruhrgebitt militäresch besat huet. Dorënner huet nët nëmmen d'lëtzebuurger Wirtschaft gelidden. Als international unerkannte Wirtschaftskapitän huet den Emile Mayrisch et fäerdeg bruecht fir am September 1926 eng "Entente internationale de l'Acier" (Stolkartell) ze grënnen (Virlefer vun der Montanunioun). Domat war d'Konkurrenz tèschent Frankräich an Däitschland um Stolgebitt eriwwer. Fir den Haass tèschent deenen zwee Länner aus der Welt ze schafen, hat hien awer scho mat dem Accord vun deenen zwou Regierungen am Mee 1926 een "Däitschfranséische Comité d'information et de documentation" op d'Bee gesat. A séngem Schloss zu Colpech hun hien a séng Fra, d'Madame Aline Mayrisch de Saint-Hubert, bedeitend franséisch an däitsch Schrëftsteller, Philosophen a Kënschtler zesummebruecht, fir datt déi zwee Länner sech och op kulturellem Gebitt solle besser kennen a verstoë léieren.

Wéi den Emile Mayrisch de 5. März 1928 an eng Réunioun vum Stolkartell op Paräis fuere sollt, as hien zu Châlons-sur-Marne duerch een Autosaccident ëm d'Liewe komm. Seng Äsche gouwen ënnert enger gewaltenger Plack aus lëtzebuurger Stolgoss am Schlosspark zu Colpech bäigesat.

Och nach no séngem Doud goufen dem Emile Mayrisch seng däitschfranséisch Verständigungsbeméiungen virugeféiert.

Eng lescht Réunioun vum "Däitsch-franséische Comité" war den 29. an 30. Januar 1933 zu Lëtzebuerg. Wat den 29. Januar nach gang as, war den 30. Januar eriwwer. Den 30. Januar 1933 as den Hitler an Däitschland un d'Rudder komm !

Lëtzebuerg haat an deenen zwanzëger Joeren nët Aarbichtsleit genuch fir an der Stolindustrie ze schaffen. Et goufe masseg Auslänner agestellt, déi och zu Lëtzebuerg, a besonnesch am Minette gewunnt hun.

D'Weltwirtschaftskris, déi mat dem "Börsenkrach" vum 24. Oktober 1929 an der Wallstreet zu New York hiren Ufank hat, huet och viru Lëtzebuerg nët Halt gemaach.

Eng sozial Gesetzgebung, mat engem "Fonds de chômage" oder "Fonds de l'emploi" wéi mer se haut kennen huet deemols nët bestan. De Misär war grouss ! Fir d'éischt sin d'Auslänner entlooss gin an du koumen d'Lëtzebuurger un d'Rei ! De Misär war esou grouss, datt op ville Plazen zu Lëtzebuerg eng Vollékskiche funktionnéiert huet, fir datt honnerte vu Leit, déi onverschëllt keng Aarbecht an domat kee Brout haten, nët erhéngere sollten !

1931 gouf Radio Lëtzebuerg gegrënnt. Déi nei Gesellschaft huet sëch an der Villa Louvigny zu Lëtzebuerg néiergelooss, an den Henri Pensis (éischten Dirigent vu R.L.) huet et duerch séng grouss Konscht fäerdeg bruecht, séngem Orchester, an domat Radio Lëtzebuerg, international ee gudder Ruff ze verschaaften.

D'Weltwirtschaftskris huet bis an d'Mëtt vun den 30er Joëre gedauert, dat heescht bis zu deem Zäitpunkt, wou den Hitler sech, mat der Hëllef vun deenen däitschen Industriellen, systematesch op ee neie Krich virbereet huet. D'Firma Krupp a Konsorten hun eng Krichsindustrie opgeriicht, wéi d'Welt se bis dohin nach nët gesin hat! Zu Lëtzebuerg huet d'Stolindustrie erëm esou gutt funktionnéiert, datt vill Leit, a besonnesch och vill kleng Baueren an de Minette schaffe gange sin. Dat huet mat sech bruecht, datt kee Mënsch méi als Knecht oder Mod an d'Landwirtschaft schaffe goug. Fir deem ofzehëllefen, huet d'Regierung virum Krich, mat vill Erfolleg, Reklam fir Gesënner fir

eis Landwirtschaft a Polen, an dat besonnesch an der Posener Géigend, gemaach. Mat Sammeltransporter sin déi Leit op Lëtzebuerg bruecht gin, a goufe virum fréiere Vollékshaus um Boulevard Royal an der Stad (am Volléksmond och "versoffene Rousekranz" genannt) ofgelueden a regelrecht ausgestallt, wou se vun de lëtzebuerger Bauere "gemustert" an engagéiert goufen. Et ware meeschtens jonk Leit, Jongen a Meedercher, awer och Koppelen, déi hirt ganzt Verméigen an aarmséilege Valissen an a Kartongskëschte matbruecht haten. Wa se engagéiert goufen huet een en ofgesin wéi glécklech datt se waren! Als Schoulbouf hat den Auteur vun dësem Aufsatz e puer Mol d'Geléenheet, op séngem Schoulwee, esou "Aktiounen" nozekucken an en huet deemols ee Gefill kenne geléiert, wat e bis dohinner nach nët kannt hat: Matleed mat anere Leit! Duerch de Krich sin déi Leit nët méi heem komm an hun hei eng nei Heemecht fonnt. Si hu sëch eng nei Existenz opgebaut a goufe meeschtens mat Lëtzebuerger bestued. Hir Kanner a Kandskanner sin haut Lëtzebuerger wéi mir.

Duerch de Misär vun deene Krisejoëren war op sozialem Plang zu Lëtzebuerg muenches a Bewegung geroden. D'Industriepatronat wollt näischt vu Lounverhandlung wëssen a scho guer näischt vun enger Entschiedegung fir Leit déi keng Aarbëcht haten. Vun engem garantierte Mindestloun oder vun enger Verkierzung vun der Aarbëchtszäit bei gläichem Loun (den 8-Stonnendag huet deemols nach nët bestan a vun enger 44 oder 40-Stonnewoch war deemols nach nët rieds). Déi berechtigt Fuederungen hu weeder beim Patronat, nach bei der Regierung Gehéier fonnt. Déi gesellschaftlech Géigesätz goufen ëmmer méi grouss, an den Toun ëmmer méi haart! D'Gewerkschaften hu Gesetzer gefuedert déi d'Regierung Bech (Rechtspartei a Liberaler) nët bereet war fir ze schafen. Fir dëser Entwécklung entgéint ze wirken, huet de Staatsminister Bech 1937 een "Ordnungsgesetz" ausschaffe gelooss, dat am Volléksmond séier den Numm "Maulkuerfgesetz" kritt hat. Dëse Gesetzprojet war géint déi extrem lénks Stréimunge geriicht. D'Politik huet deemols zu Lëtzebuerg onwahrscheinlech héich Welle geschloen !

An engem Referendum sollt d'Vollék jo oder neen zum "Maulkuerfgesetz" soen. D'ganzt Land war mat Plakaten iwwerkleift. Op deen engen do stong "JA" an op knallrouden anere Plakate stong "NEIN". D'"NEIN"-Plakate goufen iwwert d'"JA"-Plakate gekleift an ëmgekéiert. Am Referendum vun 1937 huet d'Vollék d'Maulkuerfgesetz kloer ofgewissen ! D'Regierung Bech huet démissionéiert an ënnert dem Staatsminister Dupong koom eng schwaarz-rout Regierung zustan. Et war déi éischt Regierung an der Geschicht vum lëtzebuerger Land, wou een Aarbechter Minister gouf ! Et war de Gewerkschaftler Pierre Krier (de Kréiesch Pir) deen an der Virkrichsregierung Dupong de Portefeuille vum Arbichtsminister ënnert sech hat. D'Sozialkonflikter gin zënterhir um Verhandlungsweg geléist.

Deen ongesonde Klima tëscht Aarbechterschaft a Patronat, dee besonnesch an der Stolindustrie 1916/17 ugaang as, an iwwert 20 Joer gedauert hat, gouf lues a lues duerch eng nei sozialpolitesch Entwécklung verbessert. De Streik war nët méi d'Regel, ma éischter d'Ausnam, déi d'Regel bestätegt huet, egal ënner wätfir enger Regierungskoalitioun. Et kann ee roueg behapten, datt zu Lëtzebuerg de soziale Fridden, zënter engem halwe Joerhonnert doheem as. Bei der CSV as mat dem Jean Spautz eréischt 1980 deen éischten Aarbechter a Gewerkschaftler an d'Regierungsequipe komm.

Virum Krich war am Frankräich de soziale Fridde gestéiert. An engem onwahrscheinlech schnelle Rythmus huet eng Regierung déi aner ofgeléist. Obschon déi franséisch Sozialisten um Rudder waren, hu se et nët fäerdeg bruecht fir dem Aarbechtersvollék an der Schwéierindustrie de soziale Fridden ze bringen. Dat huet Frankräich viru 50 Joer zu deem katastrophalen Debakel geféiert wéi mer e kennen. Am Mee/Juni 1940 as fir Frankräich eng Welt ënnergang. A fir äis mat, well all gudde Lëtzebuerger war frankophil !

Bei eisem däitsche Noper, wou an den 20er Joëren wirtschaftlech iwwerhaupt näischt méi gang as, koom een anere Sozialismus lues awer secher un d'Rudder: et war den National-Sozialismus. Nodeems datt den Hitler den 30. Januar Reichskanzler gi war, huet séng "National-Sozialistische Deutsche Arbeiterpartei" (NSDAP) de 5. März 1933 déi lescht demokratesch Walen virum Krich an Däitschland haushéich gewonnen!

D'Resultat vun deene Walen huet folgendermoossen ausgesin:

NSDAP:	17.265.835 Stëmmen
SPD:	7.176.505 Stëmmen
KPD:	4.543.379 Stëmmen
Zentrum (chrëschtlech):	4.425.161 Stëmmen

Domat hat den Hitler vum däitsche Vollék ee Blankoscheck kritt fir séng Diktatur hemmungslos duerchzesetzen. All demokratesch Spillregelen goufen ausser Kraaft gesat an déi politesch Géigner goufe verfollegt. Iwwerall si Konzentratiounslager entstan (eng englesch Erfindung aus dem Burekrich a Südafrika) fir déi politesch Géigner z'internéieren. Besonnesch goufen d'Kommunisten

an d'Sozialdemokrate verfollegt an agespart. Duerno koumen d'Judden an d'Zigeiner un d'Rei! Duerch e Gesetz vum 4. Abrëll 1933 goufen d'Judden aus dem Staatsdénsgscht an aus allen öffentleche Positiounen entlooss. D'jüdesch Geschäftsleit goufe vun der S.A. (Sturmabteilung vun der NSDAP) belästegt a kruten de Juddestär op d'Vitrine vun hire Geschäfte geschmiert. Dat huet zu der "Reichskristallnacht" geféiert :

An der Nuecht vum 9./10. November 1938 goufen a ganz Däitschland d'Synagogen ugestach an d'jüdesch Geschäfte kruten d'Vitrine agehäit a goufe geplënnert.

Scho vun 1934 un hun d'Judden Däitschland systematesch verlooss. Esou hu sech der och vill an eise Land néiergelooss fir eng nei Existenz opzebauen. Ma et war net vu laanger Dauer !

Besounesch vun 1938 un hun déi verfollegt Leit gesicht op legal an och op illegal Manéier aus Däitschland eraus ze kommen. Déi Judden, déi illegal op Lëtzebuerg koumen, sin hei verhaft gin, an nees iwwer déi däitsch Grenz gesat gin! Esou gouf ee Grupp vu 56 Judden : Männer, Fraen a Kanner, déi am März 1938 illegal duerch Lëtzebuerg a Belgien auswandere wollten, verhaft a mat Autobusse vu private Rees- a Bussentreprisen zréck op d'Grenz bruecht a vun de Gendarme mat Gewalt iwwer d'Grenz gesat. Schrecklech Szenen hu séch dobei ofgespillt! De Chauffeur vun esou engem Bus, deen déi Szene materliewt hat, huet kuerz viru séngem Doud dem Auteur vun dësem Aufsatz (et war ee Mononk vun him) déi schrecklech Erënnerunge vun deemols erzielt. Dee gudde Mann as säi ganz Liewe laang deenen terrible Biller net méi lass gin ! Wat mat deene Leit geschitt as, wësse mer an der Zwëschenzäit.

Nazidäitschland war net méi ze bremsen! Den Hitler hat ganz séier eng staark "Wehrmacht" opgebaut, huet de Versailler Vertrag op d'Kopp geheet, an as aus dem Völkerbond ausgetratt. Vun 1936 un huet hien ongenéiert op ee neie Krich lassgeschafft: De 7. März 1936 as déi nei "Wehrmacht" an dat entmilitariséiert Rheinland amarschéiert.

Zwee Joer méi spéit, et war den 13. März 1938, as d'Wehrmacht an Eisteräich amarschéiert, an de 14. März 1938 huet den Hitler zu Wien den "Anschluss" vu sénger Heemecht Éisterräich un Däitschland proklaméiert. Dem Hitler säin Dram vun engem "Gross-Deutschland" war mat der Proklamatioun eng Realitéit gin !

Duerno koom d'Tschechoslowakei un d'Rei. Den Hitler huet d'Sudeteland gefuerdert a mat Krich gedreet wann en d'Sudeteland net fräiwëlleg ofgetratt kritt. Duerch Vermëttlung vum Hitler sengem Frënd Mussolini ass dee berühmte Münchener Accord vum 29. September 1938 entstan. Well den Hitler feierlech versprach hat, wann hien d'Sudeteland op eng friddlech Manéier kritt, hätt hie soss keng territorial Fuederunge méi un een Nopeschland, hun déi deemoleg englesch a franséisch Politiker (Chamberlain an Daladier) dem Hitler gegleeft an nogin. D'Sudeteland (wat bis 1918 zu Eisterräich gehéiert hat), gouf u Grouss-Däitschland, ënnert dem Motto "Heim ins Reich" ugeschloss! Elo war den Hitler guer net méi ze bremsen. En hat realiséiert, datt vu Frankräich a vun England näischt ze fäerte war.

E puer Méint mi spéit huet den Hitler d'"Rest-Tschechei" wéi hien dat genannt huet, zerschloen. De 14. März 1939 as d'Wehrmacht an d'Tschechoslowakei agefall an aus deene fréiere Provënzen Bëimen a Mähren vun der Donau-Republik huet den Hitler "d'Reichsprotektorat Böhmen und Mähren" gemaach. D'Slowakei gouf een onofhängege Staat deen Däitschland ënnerdéngeg war. Enn März krut Litauen d'Memelgebitt ofgeknept a gouf un Ostpreisen ugeschloss.

Virum Hannergrond vun der rasanter a skrupeloser "pangermanistescher" Expansiounspolitik vum Hitler huet Lëtzebuerg séng 100jähreg Onofhängegkeet mat Begeeschterong gefeiert!

D'Lëtzebuerger Vollék, wat joerhonnerte laang ënnert friemer Herrschaft stong, gouf sech sénger Egestännegkeet a senger Onofhängegkeet voll a ganz bewosst. D'Vollék wousst wat um Spill stong an huet op eng frenetesche Manéier dem Ausland, a besounesch sengem östlechen Noper, wolle weisen wéi et u senger Onofhängegkeet hung. Aus dem lëtzebuerger Staat, deen 1815 um Wiener Kongress, als Käil tëschent Frankräich an Däitschland kreéiert an 1839 onofhängeg gouf, war eng Natioun gin. Praktesch an all Duerf goufe patriotesch Manifestatiounen organiséiert déi mat Begeeschterung vum Vollék gedroe goufen.

D'grouss Mass vum Vollék huet gespiert wat op se duer kiim. Déi patriotesch Manifestatiounen hu besounesch beim Jonkem een déiwen Androck hannerlooss an et kann een haut roueg behapten, datt den Ursprung vun der Resistenz géint Nazidäitschland an de Krichsjoeeren grad bei den Onofhängegkeetsfeierlechkeete vun 1939 ze sichen as.

Nach waren d'Onofhängegkeetsfeieren am Lëtzebuerger Land nët iwwerall eriwwer, du huet den Hitler schon u sänge Pläng fir Polen z'iwwerfale geschafft. No der berühmter Affär vum Sender Gleiwitz un der polnescher Grenz (den 31. August 1939 haten dem Hitler seng Gesellen ee polneschen Ugrëff op de Sender Gleiwitz inszenéiert), huet den Hitler am Muerge vum 1. September 1939 an enger Radiosried deklaréiert : "Seit heute früh um 4 Uhr wird zurückgeschossen". England a Frankräich sin erwäscht. Si hun den 3. September, nodeems se emsoss versicht haten, fir nach mam Hitler ze verhandelen, Däitschland de Krich erkläert.

D'Fransousen hu sech an hir Maginotlinn zrëckgezun an d'Engländer hun eng Expeditiounsarméi an Nordwest-Frankräich stationnéiert.

Den Zäitraum vu September 1939 bis den 10. Mee 1940 as als "drôle de guerre" an d'Geschicht agaang. Lëtzebuerg huet fest u Frankräich gegléewt !

Ma nom 10. Mee 1940 goufe mer eppes anescht geléiert. Bannent 6 Wochen haten Holland, Belgien a Frankräich kapituléiert. D'Grossherzogin, hir Familljen an d'Regierung hu sech den 10. Mee, déi allerlescht Minutt, a Frankräich ofgesat (haut kann ee soen : dat war eist Gléck).

Och zu Lëtzebuerg haat Nazidäitschland scho vun 1935 u versicht fir Fouss ze faassen. Awer ouni vill Gléck. D'nazistesche Organisatiounen zu Lëtzebuerg goufe schnell opgeléist. Kleng Gruppe sin awer bestoë bliwwen.

D'GEDELIT (Gesellschaft für deutsche Literatur und Kunst) gouf schon am März 1934 gegrënnt. Vun 1935 un war den Däitschprofessor Damian Kratzenberg President vun der GEDELIT (dem Professor Kratzenberg säi Papp war een Däitschen, deen zu Clierf mat enger Lëtzebuergerin bestued gouf, an och do gewunnt huet).

Am Siège vun der GEDELIT gouf am September 1936 d'LVJ, (Luxemburger Volksjugend) gegrënnt. Dës Organisatioun hat ni méi wéi 20 Memberen. Ma dat waren iwwerzeegt National-Sozialisten. Een Deel vun hinnen gouf an Däitschland "geschult". Esou gouf ufanks 1940 den "Einsatzkommando Lützelburg" forméiert. En huet aus 11 Leit bestan a gouf vun engem jonke Beamten vun der Stad Lëtzebuerg, dem Ferd. Colling geféiert. De Ferd. Colling hat ee Stage an Däitschland gemaach wou e schéisse geléiert hat an och geléiert gouf fir mat Sprengstoff ëmzegoen fir eventuel Sabotage-Missiounen zu Lëtzebuerg auszuféieren. Esou krut den "Einsatzkommando Lützelburg" d'Missioun fir Däitschland ze spionéieren an, an der Nuecht vum 9./10. Mee 1940, den Amarsch vun der Wehrmacht ze preparéieren. Em Hallef-Nuecht hu 7 Leit vum Kommando sech an engem Bësch am östleche Randgebitt vun der Stad zesummefont an hun op Instruktiounen gewart, déi awer ni ukoumen. Wéi si muerges ëm 6 Auer heem gange sin, hu se gesin, datt d'Preise schon do waren. D'Wehrmacht hat den "Einsatzkommando Lützelburg" nët gebraucht fir a Lëtzebuerg anzefalen! Aus der LVJ as herno d'Hitlerjugend, an aus der GEDELIT d'VdB (Volksdeutsche Bewegung) zu Lëtzebuerg entstan. Souwuel den Albert Kreins, wéi och de Robert Wang, allenzwee aus der Stad, hun dobei eng onrühmlech Roll gespillt.

De 6. Juli 1940 gouf am Café Bernardy vis-à-vis vun der Paterekiirch zu Lëtzebuerg (haut dat neit Geschäft Namur) d'VdB gegrënnt, an de Professor Damian Kratzenberg gouf "Landesleiter". Den Zweck an d'Ziel vun der VdB ware fir Lëtzebuerg "Heim ins Reich" ze féieren !

Vum 10. Mee un gouf Lëtzebuerg vun enger Feldkommandatur ënnert dem Oberst Schumacher zivil verwalt. D'Feldkommandatur Lëtzebuerg ënnerstong dem Generol von Falkenhausen zu Bréissel. De Generol von Falkenhausen war zoustänneg fir d'Militärregioun Belgien/Lëtzebuerg an Nordfrankräich. Awer och op lëtzebuerger Säit huet sech eng Verwaltungs-Kommissioun forméiert fir d'öffentlech Betriber ze dirigéieren. D'Verwaltungs-Kommissioun stong ënnert der Presidentschaft vum Albert Wehrer (Generalsekretär vun der Regierung) a war nach vu 4 "Conseillers de gouvernement" zesummegesat. Ouni den Accord vun der Feldkommandatur as awer näischt gelaf.

D'Chamber war nach e puer Mol zesummekomm an huet decidéiert fir ee Bréif un den däitschen Aussenminister von Ribbentrop ze schreiwen, fir datt Lëtzebuerg als onofhängege Staat kënnit weider bestoen. D'ganz Chamber huet de Bréif ënnerschriwwen an den Albert Wehrer huet e perséinlech dem Generol von Falkenstein zu Bréissel iwwerreecht. Ma de Bréif as ni ukom !

De 7. August hun de Chamber-President Em. Reuter an de Chef vun der Verwaltungskommissioun ee Manifest redigéiert, dee vun alle Politiker, Beamten, Veräiner a Leit ënnerschriwwen gouf, déi zu Lëtzebuerg Numm a Rang haten. An deem Manifest, deen un den Hitler gericht war, as de Wunsch zum Ausdrock komm, Lëtzebuerg misst an deem "neien" (!) Europa als onofhängege Staat bestoë bleiwen. Dës Manifest as an den Hänn vun der Gestapo (Geheime Staatspolizei) gelant !

Weider hun d'Chamber an d'Verwaltungs-Kommissioun versicht, fir un d'Grande-Duchesse an un d'Regierung ze kommen mat der Opfuederung fir erëm zréck op Lëtzebuerg ze kommen.

Iwwert den amerikanesche Chargé d'affaires George Platt Waller as dat dunn och geschitt. D'Grande-Duchesse an d'Regierung soutzen du schon zu Lissabon. No laangem Iwwerlén huet d'Regierung den 13. Juli 1940 an engem Regierungsrot beschloss fir nët erëm ze kommen. An dat war och gutt esou !

Well e puer Wochen drop as een neit Kapitel zu Lëtzebuerg ugang. Ee Kapitel vun Terror wéi Lëtzebuerg e virdrun nach nët erliewt hat.

Et war den 29. Juli 1940, wéi de "Gauleiter" Gustav Simon zu Lëtzebuerg ukoum a "Chef der Zivilverwaltung" zu Lëtzebuerg gouf .

Den 22. Oktober 1940 gouf d'Chamber opgeléist an domat war all eegestänneg Verwaltung begruewen!

Den Hitler selwer hat dem "Chef der Zivilverwaltung" d'Missioun iwwerdroen fir Lëtzebuerg "Heim ins Reich" ze féieren!

© 2001 Léon Rath